



D'Gaume
eng Géigend voller
Charme an Zauber
♥ Net verpassen !

Eis Lieblingsplazen



Orval, dat gëllent Dall

D'Geschicht, d'Legenden, den Trappistebéier, de Kéis, de Béiermusée, d'Spadséierweeër, d'Zisterzienserabtei mat hire schéinen a beandrockende Ruinen, déi een nach besichtege kann, all dat mécht dës Plaz zu engem prestigieësen Ensembl, deen Dir onbedéngt entdecke sollt.

www.orval.be



Torgny, déi kleng belsch Provence

An hei sidd Dir matten an der ... belscher ... Provence! Eent vun de schéinsten Dierfer a Wallounien, mat engem privilegiéierte Mikroklima, an deem och haut nach Wäibau méiglech ass. Wandert déi kleng Stroossen erof, an entdeckt e klassifizéierte Patrimoine, 3 Wäibierger, awer och wonnerschéi Landschaften.

www.torgny.be



Chiny, d'Semois

Mam Kajak oder Kanu d'Semois erofpaddelen, wonnerschéi Spadséierweeër matten am Bësch, wonnerschéin Aussichtsunkten, eng Visite vum Festungsvéierel, fir déi al Buerg z'entdecken: déi kleng Stiedche Chiny, d'Stad vun de Grofen, huet vill ze bidden.

www.chiny-tourisme.be



Montauban, Ruinen an zäitgenëssesch Konscht

Montauban ass eng Héichbuerg vun der Archeologie an der Gaume-Regioun matten am Bësch, wou Iwwerreschter aus der Vergaangenheet a Geschicht, Patrimoine an zäitgenëssesch Konscht openeentreffen. Dësen eenzegaartegen a magesche Site an der Natur huet och eng ganz aussergewöhnlech wëll Planzen- an Déierewelt ze bidden.

www.etalle.be - www.cacib.be



Chassepierre, Duerf a Festival

Eent vun de schéinsten Dierfer a Wallounien, um Fouss vun der sinemurescher Cuesta laanscht d'Semois, an e richtegt Paradies fir Moler. Och ganz bekannt fir säin internationale Stroossekonstfestival, deen all Joer am August stattfënt.

www.chassepierre.be



Florenville, Paysalia

Matten am Häerz vu Florenville mécht Paysalia, den Zentrum fir Landschaftsinterpretatioun, d'Dire vu senger Landschaft fir Iech op a gëtt Iech déi néideg Erklärungen. Dir entdeckt hei véier gutt illustréiert Themeberäicher, déi de Visiteur alueden, déi reizvoll Landschaften vun der loutrengescher Gaume kennenzeléieren.

www.florenville.org



Rossignol, Haus vum Naturpark

Den Naturpark Gaume (Parc naturel de Gaume) invitéiert Iech seng Aktiounsphilosophie duerch verschidden Erhuelungs-Espacen ze entdecken: en a Permakultur ugeluechte Geméisgaart, e Gaart fir Convivialitéit a Soine, an och en Empfangsberäich an engem originellen Ökodesign wou eng permanent Ausstellung ze gesinn ass mat de verschiddene Missiounen vum Naturpark. Entdeckt och di speziell Beem am Schlappark mat Ärem Smartphone iwwert d'Applikatioun izi.TRAVEL.

www.parc-naturel-gaume.be

♥ Awer och



♥ Virton, d'Schwämm

Genée am Zentrum vun der Stad bitt dës herrlech Infrastruktur e Sportsbaseng vu 25 Meter, e Spillbaseng mat Stréimungskanal a Whirlpool, e Léierbaseng an e Planschbaseng fir déi Kleng. Am Bausseberäich erwaarden Iech eng schéi Sonnewiss an eng Terrass mat Ligestill. Et ginn och Gruppécoursé fir Grouss a Kleng ugebueden. Dësen Aquazentrum gëllt mëttlerweil als dee schéinsten an der Province de Luxembourg. www.piscinevirton.be



♥ Jamoigne, Schlass & Schockela

Zu Jamoigne kennt Dir Iech vun deem wonnerschöne Schlass «Château du Faing» verzaubere loossen. Fir d'Schneekerten huet de Chocolatier Deremiens viru Kuerzem eng Schockelasfabrik opgemaach, an där hie säin eegene Schockela herstellt. Dir fannt do alles, vun der Kakaoboun, iwwer d'Macaronen, bis hin zu de Knippercher... www.si-jamoigne.be



♥ Virton, d'Muséeën aus der Gaume

An den Iwwerreschter vun engem ale Klouschter aus dem 17. Joerhonnert presentéiert dës passionnante Musée déi villfälteg Facett vum der Gaume vun haut a vu gëschter: Archeologie, Konscht, Ethnographie, regional Miwwelstécker, Traditiounen a Legenden. Zum Musée gehéieren och e puer dezentraliséiert Standuerter. www.museesgaumais.be



♥ Virton, d'Muséeë vu Latour

D'Muséeë vu Latour (de Musée Baillet-Latour an de Musée vun de Kricher an der Gaume) presentéieren zwee Sujeten, déi d'Regioun markéiert hunn: den Epos vun de Verrieder vun der Famill Baillet-Latour an d'Geschicht vun der schrecklecher Grenzeschluecht am éischte Weltkrich. Déi komplett renovéiert Kierch vu Latour ass an dräi verschidde Beräicher opgedeelt, déi jee weils der Kultur, dem Musée (Extension vum Musée Baillet-Latour) an dem Kult gewidmet sinn. www.musees-latour.be



♥ Saint-Léger, de Séi vu Conchibois

Eng perfekt Plaz fir sech während deene schéine Summerdeeg ze entspannen. De Séi gëtt mat Quellewaasser vun enger exzellenter Qualitéit versuergt. Hei huet déi ganz Famill hire Spaass: Schwammen (am Juli an am August ass e Schwammeeschter op der Plaz), Spillplaz, Skate-Park, Paintball a Spadséierweeër. www.sisaintleger.be



♥ D'Lann vu Gérouville

Vergiesst net, ee Moment stoenzebleiwen, wann Dir duerch dëst friddlecht Dierfchen aus der Gaume fuert, fir déi schéi Geschicht vun deem ganz besonnesche Bam, deem Zeie vun der Entstehung vum Duerf ass, ze entdecken. Eng Ulm mat engem stréien Daach, aus där d'Traditioun eng Lann gemaach huet... www.meix-devant-virton.be



♥ Musson, de Marais de la Cussignière

Dëst Mouer, eng natierlech an ongewéinlech Kuriositéit, ass en eenzegaartege Site an der Regioun vun der Gaume. Op engem schéine Wanderwee tëscht der Belsch a Frankräich kënnt Dir eng aussergewéinlech Planzen- an Déierewelt bewonneren. Déi méi flicht Gebidder goufen iwwer e Buedemgitter zougänglech gemaach. www.soleildegauze.be



♥ Lahage, den «Gros Cron»

Den «Gros Cron», och «La Crânière» genannt, ass eng Kuriositéit vun der Natur. Et handelt sech ëm e géie Fiels, deen net wäit vum Duerf Lahage, am Dall vun der Chevratte, ze fannen ass. «Cron» ass eng Zort groen Tuffsteen, dee sech iwwer Joerdausenden duerch eng ganz speziell Zort vu Quellewaasser forméiert huet. Eng herrlech Plaz an der Gemeng Tintigny fir wandere ze goen. www.lorraine-gaumaise.com



♥ Wanderungen a Spazéieren



♥ De Pad vun den Dreem

Dëse Pad voller Zaubere a grénger Poesie féiert laanscht déi 7 Weiere mat glasklorem Waasser vun der Vallée des Zigomars zu Rabais. Kënschtler hu sech vun dëser Plaz verzaubere gelooss an hunn op engem Wanderwee vun 1,5 km déi verschiddenst Wierker geschaf. Kaart verfügbar.

www.soleildegaume.be



♥ De Pad vun de Feen

D'Höhl vun den «Feeë vu Croix-Rouge» ass eng Grott, aus där ville Legenden an der Gaume entstanen sinn. Ze fannen ass dës Grott op engem originelle Spadséierwee vunn 1,5 km. Gitt op d'Sich no de Feeën, huet hir Erausfuereunge un an entdeckt hir Geheimnisser, mä, virum allem, behaalt Äert Kannerhärz! Kaart verfügbar.

www.soleildegaume.be



♥ Den Hunneg-Parcours, Saint-Léger

Zu Saint-Léger ass den Hunneg eppes wéi eng Relioun! Op dësem spilleresche Parcours vu ronn zéng Kilometer léiert Dir villen iwwer d'Welt vun eise Frëndinnen, de Beien, mat 13 didaktesche Panneauen, der Visite vun engem Beiestack, dem Hunneghaus an engem gemeinschaftleche Gaart.

www.sisaintleger.be



♥ Gallor, op de Spuere vun de Gallo-Réimer

De Réimerwee Reims-Tréier féiert op ronn 40 Kilometer duerch «d'belsch Lorraine». Fir dësen Aspekt vum Patrimoine vun der Regioun opzewäerten, goufe 16 Vëlosrondweeër op der Spuere vun de Gallo-Réimer fir ënnerschiddlech Zilgruppe geschaf.

www.soleildegaume.be



♥ D'Transgaumaise

Grenziwwerschreidenden Itinéraire vun 140 km queesch duerch d'Lorraine vun der Gaume. Dëse Wanderrondwee féiert iwwer Torgny, Montmédy a Marville, éier ee bei Orval iwwer d'Grenz geet fir iwwer Florenville an d'Vallée de la Semois an d'Hauptstad vun der Gaume, Virton, ze kommen. Kaart verfügbar.

www.europaventure.be - www.soleildegaume.be



♥ Parcours Jean-Claude Servais

Dëse Parcours vun 9 km verbënnt Florenville mat Jamoigne, wou de Këschter Jean-Claude Servais, Zeechner a Scénariste vu Bande-dessinéen, gelieft huet. Dir kënnt hei a sengen Zeechnungen d'Welt vun de Villercher aus der Regioun bewonneren, an dobäi gläichzäiteg duerch déi schéi ländlech Géigend sträifen. Kaart verfügbar.

www.florenville.org



♥ Itinéraire Patrimoine a Landschaften

Egal ob mat Stiiwwelen un de Féiss oder um Vëlossuedel, entdeckt eisen herrliche Patrimoine an eis wonnerschéi Landschaften. Dëse grenziwwerschreidenden Itinéraire vun 232 km besteet aus ronn 20 Etappen a verbënnt all touristesch interessant Plazen aus der Regioun mateneen. Kaart verfügbar.

www.randos.lorraine-gaumaise.com



♥ Parcours 14-18 zu Rossignol

«Op de Spuere vu 14-18» ass en didaktesche Spadséierwee iwwer verschidde Plazen, op deenen zu Rossignol un den Éischte Weltkrich erënnert gëtt. Um Rondwee, dee bei der Kierch ufänkt, kritt een op 22 Panneauen Erklärungen iwwer d'Geschicht vum Grouse Krich zu Rossignol.

www.si-tintigny.be



♥ A Frankräich



♥ Avioth, d'Basilika an de Felder

D'Gebai, e Bijou aus der gotescher Konscht, läit an deem léiwe klengen Dierfchen Avioth. Et iwwerrascht duerch seng Dimensioun an huet et fäerdeg bruecht, säit sengem Bau géint 1250 eng Rei Joerhonnerten z'iwuerstoen. «D'Recevesse», déi virun der prächterger Basilika ste et, ass e weltwäit eenzegaartegt Monument, en architektonescht Wonnerwierk, dat Dir onbedéngt entdecke musst. www.avioth.fr



♥ Montmédy, d'Zitadell

Wann een am Räich vun der Meuse zu Montmédy ukënn, versetzt d'Vue vun dëser imposanter Zitadell, déi uewen um Hiwwel geduckt läit, een direkt an eng aner Zäit. Passéiert déi zwou Zugbrécken a maacht lech op eng Entdeckungsrees iwwer d'Festungsmaueren an duerch d'Muséeën. www.tourisme-montmedy.fr



♥ Marville, d'Stad aus der Renaissance

Entdeckt déi iwwerraschend Stad aus der Renaissance Marville, d'Stad vun der Bourgeoisie aus dem 15. Joerhonnert, an de Räichtum vun hirem Patrimoine mat hire Gaassen a Residenzen. Dominéiert gëtt d'Duerf vum Kierfecht vu Saint-Hilaire, dee vun enger ganz aussergewöhnlecher Schéinheet ass an deem Dir lech net entgoe loosse sollt. www.tourisme-montmedy.fr

♥ Manner wéi eng Stonn vun hei ewech



♥ Buerg vu Bouillon

D'Buerg, déi vun dräi Fielsespëtzen op d'Semois erofkuckt, gehéiert zu den eelste feudalen Iwwerreschter an der Belsch. Awer nieft hirem historiesche Räichtum, dee vill op de legendäre Godefroid de Bouillon zeréckféieren ass, erwaart lech hei nach vill méi wéi e Sprong an d'Vergangenheet!

www.bouillon-initiative.be



♥ Buerg vu Sedan

Matten am Häerz vun der Stad aus de franséischen Ardennen kënn Dir dës imposant mëttelalterlech Festung entdecken, e Patrimoine mat Charakter. Loosst lech fir e puer Stonnen an d'Mëttelalter zeréckversetzen, andeems Dir duerch d'Remparten op de Spuere vun der Prënze vu Marck a vun der Tour d'Auvergne zitt.

www.chateau-fort-sedan.fr



♥ Krichsmuseum vu Bastogne


En neien Zentrum fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich matten am Häerz vun der Stad Baaschtnech. Aus der Perspektiv vun der Ardenneschluecht bitt dësen Zentrum dem Visiteur eng immersiv Erfahrungswelt. Dir wäert lech perséinlech vun dëser Geschicht betraff fillen.

www.bastognemuseum.be



♥ D'Stad Lëtzebuerg

Entdeckt eng Stad voller Charme mat enger Mëschung vun ënnerschiddleche Stilen, souwuel aus der Vergangenheet wéi och aus der zäitgenëssescher Architektur. Zäitversaten Trëppeltour am Quartier «Grond, dee vu Festungsmaueren ëmginn ass an zum «Weltkulturierwe vun der UNESCO» gehéiert, Shopping, Visite vun engem Musée... hei ass fir jiddereen eppes dobäi. www.visitluxembourg.com




♥ Euro Space Center

Zu Transinne kënn Dir lech mam Alldag vun Astronoute vertraut maachen! Dësen Entdeckungs- a Fräizäitzentrum ronderëm d'Thema Weltraum an Eroberung vum Weltraum ass eenzegaarteg an Europa. Multimedia-Parcours, 5D-Kino, Planetarium an nach vill aner Aktivitéiten sinn hei um Programm.

www.eurospacecenter.be

Maison du Tourisme de Gaume • www.soleildegau.me
2b, rue des Grasses Oies B-6760 Virton

©Photos : Dominique Linel, Mélanie Markovic, Pascal Willems_FTLB, Michel Laurent_La Lorraine Gaumaise, Eric Dropsy, EuroSpace Center, Philippe Toussaint, Laurence Lecuivre, Didier Mohy, Ludvine Hissette, Wikicommons, Ville de Luxembourg, Visit Ardenne_Flickr, Bastogne War Museum, Equalia.
Edit Resp : A. Reuter, G. Behin, E. Chalon - Rédac. textes : L. Lecuivre, M. Kimplaire - Graphisme : L. Charlier, M. Frennet



♥ Bouillon - 60km

♥ Chiny

♥ Florenville

♥ Chassepierre

♥ JAMOIGNE

♥ Tintigny

♥ Etalle

♥ Sedan - 65km

♥ Orval

♥ Cérrouville

♥ Gros Cron de Lahage

♥ Montauban

♥ Saint-Léger

♥ Luxembourg-ville - 50km

Margut

Meix-Devant-Virton

♥ Virton

♥ Sentier des songes

♥ Musson

Longwy

Rouvroy

Montmécy

Avioth

Torgny

Marville

Mouray

Longwy

Longwy